

D'POLICE OFSCHAFEN!

E BEITRAG VIR ENG DISKUSSION DÉI
ET (NACH) NET ZU LËTZEBUERG GËTT

PAPIERMÂCHÉ

Anonym
Publiziert bei *Papiermâché*
www.papiermache.noblogs.org
Lëtzebuerg, Mäerz 2021

D'lescht Joer, op d'Reaktioun op den Polizeimord um George Floyd, gouf doriwwer intensiv diskutéiert, wei een d'Police ofbaut („*defund the police*“) oder och komplett ofschaaft. D'Police steet dobäi ëmmer rëm (net nëmmen an den USA) an der Kritik rassistesesch ze sinn, ze diskriminéieren, onverhältnesméisseg Gewalt unzewenden an (onbewaffnet) Mënschen ëmzebréngen. Mee anscheinend all dem zu Trotz gëtt global de Pouvoir vun der Police weider ausgebaut. De lëtzebuergeresche Staat, dee bei der Léisung vu soziale Problemer virun allem op repressiv Methoden zréck gräift, ass keng Ausnam. An den aktuellen Diskussiounen hei am Land geet et dreems, dass d'Police reforméiert, ausgebaut a verstärkt muss ginn. Mir probéieren een *contraire* Wee ze zeechen: D'Police ofschaffen!¹

Sou munchen huet hei schonn opgehalen dësen Text ze liesen, well een sech keng Welt ouni Flicke virstelle kann. Oder een sech des als eng Welt an der „Mord und Totschlag“ herrscht virstellt. Mee et ass awer och iergendwéi verständlech, dass Leit denken, dass ouni eng „legitim“ Gewalt, d'Mënschen net fäeg wieren zesammen ze liewen, net kapabel wiere kollektiv Reegele fir d'Liewen ze diskutéieren an opzestellen, mee bei der éischter Geleeënheet sech d'Käpp aschloen. Well des Ligen iwwerall (re-) produzéiert gëtt. D'Police selwer an d'Herrschaft déi si brauch fir eng bestëmmt Weltuerdnung oprechtzëerhalen, fiddert dëse Glawen, bzw. Ligen, dass mir ouni Police wei bei

„*the purge*“ liewe géifen. Wann een d'Ofschaffung vun der Police (an all organiséiert Gewalt) seriö diskutéiere well, muss een des Ligen iwwerwannen an zerstéieren. Well wann een net nëmmen dovun ausgeet, mee als ondiskutéierte Grondsätz hellt, dass d'Police déi eenzeg sinn, déi ee sënnevolle Beitrag fir Gerechtegkeet an e *bien public* (dem si angeblech denge sollen) leeschte kennen, erfëllt d'Police virun allem ee Selbstzweck. Hir Muecht fundéiert a geet ausgebaut op dësem Axiom, ouni sech wierklech ze froen, ob een net besser dru wier ouni Police.²

Etymologesch geet d'Police zréck op dat Griichescht Wuert „polis“, Stadstaat. An domat beschreift des gutt d'Originne vun dëser: Gardien vun der staatlecher Uerdnung. Hir Aufgab bezitt sech, wann e sou well, op d' (staatlech) Kontroll vun der eegener Populatioun. D'Existenz vun der Police berout op enger Muecht, fir genau ze sinn, op dem gesetzleche Monopol vun exekutiver a legaler Gewalt. Des Muecht gëtt duerch de Staat autoriséiert, fir, dass, de Respekt viru sengem Recht a senger Gesetzer duerchgesat gëtt. Dobäi versteet sech d'Police selwer net nëmmen als Diener vum Gesetz, mee och vun der Gerechtegkeet. Doraus ergëtt sech dat subjektivt Gefill vun der Police, ni genuch Pouvoir ze hunn. Och wann den eenzele Flic selwer mengt hie géif der Gerechtegkeet dengen an net nëmmen dem Gesetz, wéisst dat, dass d'Aarbecht vun der Police am Endeffekt totalitär ass. De Flic ass a senger Uniform a gewësser Weis déi total Verkierperung vum Staat, well aus der

Siicht vum Staat huet hir keng Fräiheet, déi seng Legitimitéit net komplett aus der vum Staat hierleet. De Polizist ass e Mëttel fir de Staat, säi Recht mat alle Mëttelen dohin auszebauen, wou en nach net (genuch) present ass. Och Totalitär an dem Sënn, dass de Flic an och de Bierger, dovun ausginn, dass d'Gerechtegkeet an d'ëffentlech Wuel vun der Policearbecht ofhängeg ass; des ass awer eng Fiktioun an net Realitéit, mee doduerch dass een dëst als wouer unhëlt a propagéiert, kann d'Police selwer een onendlecht Striewe vu Muecht ausléisen: „Méi Police a méi Pouvoir fir si, wat méi Gerechtegkeet“. Des muss problematiséiert ginn, mee sech dobäi un de Staat selwer ze riichten ass kontraproduktiv, well d'Police Verkierpe-

rung vum Staat a senger reaalster – well spierbaarster – Form ass. Oder anescht: d'Muecht a Gewalt vum Staat (ob demokratesch oder net), seng Gesetzer duerchzesetzen, wéisst sech a senger gräifbarster a siichtbarster Form duerch d'Präsenz vun der Police am aldeegleche Liewen. Et sinn d'Handsellen déi klécke wann d'Flicker se engem un dinn, deen déi onverfälscht an direkt Beréierung téschent der Realitéit a dem Staat ass. Aner Kontakter, déi de Staat mengt mat der Realitéit ze hunn, sinn éischer imaginär a symbolesch (Steieren, staatlech Subversiounen, ëffentlech Déngschtleeschungen, asw.). Des sinn net real, well si kee Resultat vum Staat sinn – well si net direkt de Kierper ugräifen, mee éischer d'Sue vun engem,

„Mir probéieren een contrairë Wee ze zeechnen: D'Police ofschafen!“

d'ëffentlech Wuel, asw. D'staatlech Gewalt a Form vun der Police (mee och de Prisong zum Beispill) ass virun allem eng physikalesch Realitéit.

D'Police personifizéiert net nëmmen de Staat, mee och d'Verteidigung vum Privateigentum, dat fundamental vir de Kapitalismus ass. Et ass dofir keen Zoufall, dass d'Origine vun der moderner Police op d'Entstehung an d'Etabléierung vum kapitalistesche System zréck ginn. D'Police huet der Iddi vum moderne Staat a Kapital eng Realitéit ginn, si mécht béides siichtbar a virun allem spierbar! Ouni eng Exekutiv a legitim Gewalt wier de Staat a seng Gesetzer (an d'Eigentumsverhältnisser) nëmme fiktiv oder eng Fräiwëllegkeet – eng staatlech Herrschaft wier net méiglech. Mee nëmmen duerch d'Menace vu Gewalt mécht de Flic dass ee Gesetz real gëtt. An der praktescher Spierbarkeet vum Staat erfëllt d'Police zwou Funktiounen: Engersäits, déi bekannt ass, eng Repressiv an anerersäits, déi manner wou-ergeholl gëtt, eng allgemeng Gewalt, déi dorop zielt d'Individuum ze zerstëieren an de Bierger ze schaffen. Wei gesot, de Staat muss dem Eenzelen seng Roll als Bierger opdrängen, dass en déi verënerlecht. Dass also sou gutt wei ëmmer d'Gefor vum Police-Pouvoir vum Staat ignoréiert gëtt (wei zum Beispill bei der onverhältnisméisseger Gewalt vun engem Flic) ass selbstverständlech. Mee och de Bierger ignoréiert des, ausser e gëtt selwer Opfer dovun. Wa mir awer d'Diskussiounen ukucken, déi aktuell op Platze gefouert ginn, dann ass et nach méi schlëmm,

well: d'Gefor vun enger massiver Muecht vun der Police gëtt als noutwendeg Iwwel geholl, well hir ëffentlech Aufgab d'Ausübung vu Recht an Uerdnung ass. Et schenkt also Paradox ze erkennen, dass d'Police selwer dozou bäidréit, dass eng gesellschaftlech Ongerechtegkeet oprecht bleift (wei z.B. d'Eigentumsverhältnisser, d'Scheier tëschent aarm a räich...).

De Staat huet och aner Organer oder Moosname fir seng Populatioun ze geréieren, mee ëmmer do wou de Staat schwach schenkt oder tatsächlech ass, gëtt den Appell un méi Police méi grouss (an net z.B. un eng méi gerecht Gesellschaft). Wei den Discours ëm Kriminalitéit, deen (net nëmmen) vun der politescher Rietser gefiedert gëtt, gëtt ëmmer rëm méi Police an méi Pouvoir fir si gefuerdert, well de Staat eleng net fäeg wier de Problem an de Greff ze kréien. Konkret dréit sech aktuell eng Diskussioun ëm Stater Gare an, dass de Staat net duerchgräift, dass een méi Police oder ebe privat Sécherheitsleit brauch. A wat d'Situatioun méi schlëmm duergestallt gëtt (oder och tatsächlech ass), wat d'Police méi vun der Regierung an de „gudde“ Bierger verdeedegt gëtt – och wann d'Police iwwert hir Befugnisser schléit, een mol eng „hanne bei“ kritt, asw.

Bei der Diskussioun ëm Police a Kriminalitéit, déi vun der Regierung gefouert gëtt, geet et dreems, dass d'Police net genuch Ressourcen huet fir dem Problem „Meeschter“ ze ginn. Et bréicht ee méi PolizistInnen um Terrain a Büro, méi

„Slogane wei
*No Justice, No
 Peace – Fight the
 police,*
Police partout,
justice nulle part,
 treffen ee
 wichtige a
 richtige Punkt...

gesetzlech Méiglechkeeten, méi a besser technesch Ekipement. Mee och wa d'Strofdoten zréck ginn, gëtt de Pouvoir vun der Police net zréck. Dobäi musse ma preziséieren, dass net Strofdote selwer gekuckt ginn, mee d'Plainten an Interventioune vun der Police oder wat confiscéiert gëtt. D'Zuelen dovun an d'Ressource vun der Police ginn zum eenzege Critère. Wann d'Zuelen (vu Festnamen, confiscéieren Drogen, Plainten,...) ze niddereg sinn, da leit et der Regierung, dem Inneministere oder Policedirektioun no, dorun, dass net genuch Ressource do sinn, dass d'Police effikass schaffe kann. A wann, wei aktuell an der Stad d'Police net schnell genuch opgestockt ka ginn, da gi privat Sécherheitsfirmen op den Terrain geschéckt.³ D'Diskussioun iwwer privat Sécherheitsfirmen an der Stad ass leedeglech eng Afrostellung vun dem Monopol vun eenzele polizeilechen Tätigkeeten, mee net, dass d'Police fir Gerechtegheet steet. Déi Sloganen déi een an den USA, Frankräich an och aner Länner vu Leit héiert, déi géint d'Police op d'Strooss ginn, wei „*No Justice, No Peace – Fight the police*“, „*Police partout, justice nulle part*“, treffen ee wichtige a richtige Punkt, dass d'Police eben net Gerechtegheet bedeit, éischer de Contraire. De biergerleche Glawen, d'staatelech Märchen, d'Fiktioun oder wei een et nenne well, dass d'Police fir Gerechtegheet steet, geet souwäit, dass andauernd bewaffent Flicke ronderëm fueren, an dat schenkt keen ze stéieren. Net nëmmen d'Gewalt, mee och d'Presenz vu bewaffente Leit déi dech ëmmer kontrolléiere kennen, gëtt am

Numm vum Code Civil an *law and order* vun der Populatioun toleréiert. Grad de Fait, dass een enger Grupp vu Mënschen ee Monopol op Waffe gëtt an deen aneren net, produzéiert eng Ongerechtegkeet, och virum Gesetz an der Justiz: E Polizist kann sech méi „erlaben“; Oder dem Flic gëtt viru Gericht méi gegleeft wei engem „normale“ Bierger.

Gewalt spillt eng zentral Roll bei der Police, dobäi ass et den éischten Ament egal op se ausgeübt oder „nëmme“ menacéiert gëtt. Fir d'Police, a fir déi, déi no méi Police ruffen, solle gesellschaftlech Problemer mat Gewalt geléist ginn. Eng Police-Reform klenkt doropshi komesch, well et bedeit am Endeffekt eng Reform vu Gewalt. Besser wier et awer Gewalt ze verbannen: D'Ofschaffung vun der Police; an dat bedeit d'Gewalt deenen ze entzéien déi se uwennen. Tatsächlech ass d'Gewalt vun der Police déi eenzeg Gewalt déi effektiv bekämpft ka ginn, well si déi am beschten organiséiert Vereenegung ass (villäicht zesumme mat der Mafia?), déi Gewalt uwennt. Am Vergläich a just als Beispill, kann haislech Gewalt net frontal bekämpft ginn a scho guer net duerch d'Police. Op der anerer Säit ass Gewalt oder widderständeg Reaktioun géint d'Police ëmmer gerechtfäerdigt! Well d'Police-Uniform eng Ligen an e Verbrieche cacheiert, deen de Mënsch den se undeet an dréit selwer onmënschlech mécht. Slogane wei „ACAB“, „Bullen-Schweine“ oder Anerer, droen dowéinst eng Wourecht a sech. An der Aussoe, „de Polizist mécht nëmme seng


... dass,
d'Police eben net
Gerechtegkeet
bedeit, éischer
de Contraire.“

Aarbecht“ verstoppt sech, dass den Eenzelen seng Mënschlechkeet ofleet wann en seng Uniform undeeet. Dobäi geet et net dreems op en e gudden oder e schlechte Mënsch ass, dees ass Amfong irrelevant, well d'Struktur iwwer dem eenzele Polizist oder Polizistin steet. Dofir ass eng Diskussioun iwwer gutt oder schlechte Polizist hifälleg...

Eng Police-Reforme ass och ëmmer de Versuch vum Staat méi „mënschlech“ ze schéngen – den Inneministère schwätzt gär vu méi no bei de Bierger ze sinn. Dobäi ass et eng global Entwécklung, dass Kontroll ëmmer méi raffinéiert an verfeinert gëtt. Et ass sécherlech ze begréissen, wann et manner Doudeger duerch d'Police gëtt wei fréier, mee et ass eng Illusioun ze mengen, dass, allgemeng manner Mënschen duerch Repressioun (wei beispillsweis am Prisong) stierwen oder bleséiert ginn. D'Entwécklung, dass de Staat net méi maßlos a frontal Gewalt uwennt fir seng Gesetzer duerchzesetzen, ass eng Entwécklung am Interessi vum Kapital. Engersäits destabiliséiert exzessiv Gewalt de Staat selwer, an anerersäits, riskéiert een Aarbechtskräften ze verléieren.⁴ Dofir gesäit de Staat méi subtil Mëttel als méi adequat an effikass un: Iwwerwaachung, Prisong, staatlechen Terror, asw. Technologie spillt hei eng wichteg Roll, well si net nëmme Kontroll méi subtil mécht, mee och der Police méi Méiglechkeete gëtt. Et ass iergendwéi komesch, dass den Inneministere vu méi „Méi no un de Bierger“ schwätzt a gläichzäiteg d'Kontroll technologiesch ausbaue well, wat bedeit

dass de Bierger d'Kontroll an d'Iwwerwaachung manner gesäit.

Et ass noutwendeg ze soen, wei a firwat d'Police Populatioun net schütze kann. Oder méi besser gesot, dass d'Police net d'ganz Populatioun schütze wëll, well si am Interessi vu Staat a Kapital handeln. Doru gëtt den Eenzelen an enger kapitalistescher Gesellschaft gemooss a gewäert, wei eng Roll a wei Nützlich ee fir d'Kapital an de Staat ass. A wei schonns duergeluecht, d'Police ass de siichtbaren Ausdrock vun der Herrschaft. Bei all gesellschaftlechem Problem huet d'Police nëmme een Ziel: an éischer Linn d'Existenz vum Staat ze demonstréieren!⁵ De Bierger spillt dobäi



eng grouss Roll bei der Bestëmmung vun dem wat als Problem fir de Staat ugesi gëtt an, dass d'Populatioun d'Police als Léisung vu bal all Problemer ugesäit. Fir dëst ze verstoe muss e sech virun Aen halen, dass d'Police d'staatlech Entwäert op komplex Problemer ass, wei Aarmut, Vergewaltigung, Drogensucht, Prostitutioun, Steierhannerzéiung, Streit téschent Nopere, Verkéierskontrollen, Demonstratiounen, Mord, Vol, Terrorismus, Pandemien, asw. Wa mir d'Police ofschafe wëllen, da musse mir als éischt kucken, wat als gesellschaftleche Problem geléist muss ginn, an uschléissend Léisunge virschloen, déi keng Police oder Änleches brauch. Des „policefräi“ Léisunge ginn et ëmmer, well wei gesot den eenzegen Zweck vun

der Police dodra besteet, d'Existenz vun Staat ze behaupten an net eppes fir d'Léisung vun Problem bäizedroen. Ob et da jeeweils eng direkt Léisung gëtt oder de Problem strukturell dem System immanent ass, muss da weider gekuckt ginn. Och wa warscheinlech vill sozial Problemer duerch de bestoenden ongerechte System selwer be- an entstinn, kann an dierf een net denken, dass mam Enn vun Kapitalismus och all gesellschaftlech Problemer verschwannen – d'sozial Revolutioun ass net een „Allheilmëttel“ fir all Problemer. Selwer fir sech, a sengem Frëndeskrees, Community, Quartier oder Duerf kann e doriwwer nodenke wei e Problemer ouni Police (an esou besser) léisst an gläichzäiteg eng Praxis üübt.

„Tatsächlech ass d'Gewalt vun der Police déi eenzeg Gewalt déi effektiv bekämpft ka ginn, well si déi am beschten organiséiert Vereenegung ass, déi Gewalt uwennt.“

Mee vir iwwerhaapt doriwwer nozedenken Léisungen ouni Police ze fannen a sou d'Ofschafung vun der Police ze argumentéieren, muss een gesinn an domat d'Accord sinn, dass d'Police esou wei all repressiv Moosnamen (och de Prisong) keng Léisunge fir gesellschaftlech Problemer sinn.⁶

Et muss een also d'Méiglechkeet an d'Noutwendegkeet denke kennen, dass et eng Zukunft ouni Police ka ginn. Theoretisch ass d'Ofschafung vun der Police net esou komplex. Kuckt een zum Beispill op d'Diskussiounen déi global gefouert goufen/ginn, da sinn et Proposen ewéi: De PolizistInnen muss eng nei (nätzlech) Aarbecht ugebuede ginn; d'ASTellung vun neie Flicke reduzéieren oder stoppen; d'Gehälter vun der Police drastesch kieren an zäitweis e groussen Deel vun der Police entloossen; oder aner Moosname fir de Beruff manner attraktiv ze mann; bis d'Police ebe lues a lues ofgebaut gëtt a verschwent.

D'Police ass net onofhängeg a steet a Lëtzebuerg ënnert der Autoritéit vum Banneminister. Wei mir probéiert hunn duerzeleeën, ass d'Police mam moderne Staat enk verwuerzelt a si bedéngen sech géigesäiteg. Fält eppes vu béidem ewech, géif dat deen Anere grave schwächen. Doraus erkläert sech, dass keng politesch Partei déi an der Regierung ass d'Police ofschafe well (och wann si des an der Oppositioun plädéiert hätten). Well och wann et méi oder mol manner Police an dem jeeweileger Regierung gëtt, gëtt et keen Ënner-

scheid an der Struktur vum Staat selwer. Et gëtt wéineg wat dem Staat vu senger Populatioun just per Gesetz zougestane gëtt, mee vill méi wat him net zougestane gëtt – dofir brauch een eng Exekutiv, d'Police. Et ass eng Tatsaach, dass Gesetzter méi Real sinn, wann d'Police praktesch dofir suergt, wei wa Gesetzter leedeglech um Pabeier stinn. Wann de Staat also de Pouvoir vun der Police limitéiere géif, géif hien seng eegen Interessen a seng Muecht limitéieren. Tatsächlech géif de Staat mat enger Aschränkung vun der Police seng Wirkungskraaft an direkt Beréierungspunkte mat dem Bierger an der Populatioun aschränken. Eng Regierung a Staat u sech huet deementspriechend keen Intressi dorun, sech selwer duerch eng Ofschafung vun der Police ze schwächen. D'Police kompenséiert méi oder wéineg de „Realiteitsverloscht“ vun der Iddi vum Staat an de Käpp vum Bierger. D'Presenz vun der Police ass en (Ra-) Appell un d'Populatioun: De Staat existéiert. An ofhängeg wei staark de Staat an de Käpp vun de Bierger present ass, der Aussoe gleewe schenkt, dass de Staat existéiert, brauch ee Staat méi oder manner Flicken. Et kann een et och anescht soen: Brauch ee Staat manner Flicken, dann hunn d'Bierger de Flic verënnerlecht – selwer e Flic am Kapp setzen.

D'Police ofzeschaffen, heescht och: de Staat ze kontestéieren, hien ofschafen ze wëllen.

**„Wa mir d‘Police ofschafe wëllen, da
musse mir [...] Léisunge virschloen,
déi keng Police oder Änleches brauch.
Des „policefräi“ Léisunge ginn et
ëmmer, well den eenzegen Zweck vun
der Police dodra besteet, d‘Existenz
vum Staat ze behaupten.“**

Foussnotten

1. A mir prezisiéiere: all Police, och sou-er mat giele Gilete mat GDL drops-toen!
2. Et gi souvill Mythen iwwert d'Police. Wei och zum Beispill, dass d'Angscht virun der Police Verbriecher ofschre-cke géif. Des ass awer eng Ligen. Oder wien géif gären an engem Land lieve wëllen, an der den eenzege (!) Awand vun de BewunnerInnen géint Vergewaltegung oder och Kanniba-lismus eng gesetzlech Strof géif sinn, deen een fir des Verbriechen erwaar-de géif? Et ass also falsch ze mengen, dass d'Gesellschaft an och d'Mën-schen nëmmen duerch d'Angscht viru Sanktioune Saachen net mann.
3. Dobäi ass d'Fuerderung fir méi Mu-echt vu der Police onendlech. Eleng duerch déi eraschaffen Tatsaach, dass si als den legitimme Garante fir Ge-rechtegkeet schéngen an dass, méi Gerechtegkeet, méi Schutz a Bestro-fung vu Verbriechen, alles Saache sinn, déi keng Grenzen hunn – oder wéini gétt et genuch Gerechtegkeet, genuch Sécherheet? (A sécherlech ass des subjektiv).
4. Freier sinn d'Flicke mat Schëss géint Demonstranten oder Streiks virgaan-gen. Des ass an Europa net méi de Fall, mee awer nach ëmmer an anere Länner.
5. Des steet virun iwwerhaupt eng Léi-sung fir Problemer ze fannen – wa ma wierklech dovun ausginn, dass d'Police Problemer léise well. E Ge-danken dozou: Wann d'Police all Problemer léist, mécht se sech da selwer iwwerflësseg? Doduerch gétt och kloer, dass d'Police ni eng grond-leeënd Léisung fir e gesellschaftleche Problem kann hunn. D'Police geréi-ert sozial Problemer an huet, wann iwwerhaupt, nëmmen temporär oder symptomatesch Léisungen.
6. An den USA bei den Black Lives Matter Protester 2020 konnt een op de Maure liesen „*Who do you call, when cops murders?*“. Dëse Sätz war och bei de Protester an Hong Kong ze gesinn, wou d'Police brutal géint all Protest géint Regierung virran-gegen ass. An dënnen Fäll stellt sech d'Fro wei ouni Police lieve mat en-ger Drénglechkeet. Virun allem an den USA, an der *black community*, ass des Fro eng Noutwendeg, well *schwaarz* Menschen ëmmer rëm Opfer vu Policegewalt ginn. Doraus hunn sech eng Selbst-Organisatioun an interessant Virschléi an Usätz fir „policefräi“ Léisungen entwéckelt.



D'Police verkierpert d'Muecht vum Staat a mécht seng Gesetzer a d'Muechtverhältnisser real a spierbar. Dobäi ass d'Police d'Legitimation vum Gewaltmonopol, déi sech de Staat selwer zougesteet. Anescht wier d'staatlech Legitimation just imaginär. De primären Zweck vun der Police ass hir Selbsterhaalung – Wuesstum, méi Pouvoir an dat, onendlech vill. Wann een déi ënnerschiddlech politesch Regierungen a Staate vergläicht, déi all eng Police hunn, kennt een zur Conclusioun, dass d'Monopol vun der Police net duerch d'Mëttel vun der Gewaltausübung, mee duerch d'Rechtméissegkeet vun der Gewaltuwendung ausgeübt gëtt. Mee wann d'Police d'Recht iwver Liewen an Doud huet, dann huet dat näischt mat Gerechtegkeet ze dinn. Wa mir toleréieren, dass d'Police Waffen huet, da kennen des ëmmer och benotzt ginn... D'Recht een ëmzebrénge kann awer kengem Mënsch gehéieren, wann da, kann des Recht nëmmen duerch eng verwerflech Rechtsgrondlag legitiméiert ginn. Wann zum Beispill an deene meeschte Länner Doudess-trof ofgeschaaft ass, schaaft dat net d'Gewalt vun der Police of – déi d'Risiko matbréngt Mënschen ëmzebréngen. Genau dat ass de Fal, d'Police bréngt Leit ëm! A wann se net ëmbréngt, da schléit, foltert, diskriminéiert an erniddregt si. Sech also d'Fro ze stellen, wei ouni Police liewen a mat Problemer a Konflikter ëmgoen, ass d'Fro wei ouni strukturell an organiséiert Gewalt liewen? Des Fro eeschthaft ze diskutéieren a se praktesch ze experimentéieren, stellt sech leider ëmmer ze spéit, nom Doud vun engem Mënsch duerch d'Police.

www.papiermache.noblogs.org